

CSV

FRÉISENG

# MÉI NO.
# MÉI BEWEEGEN.

Walprogramm vun der CSV Fréiseng fir d'Gemengewalen den 11. Juni 2023
Programme électoral du CSV Frisange pour les élections communales du 11 juin 2023.

LËSCHT
4



Op eisem Site fannt Dir dësen Text a weider Informatiounen zu de Walen a weidere Sproochen.

Auf unserer Seite finden Sie diesen Text und weitere Informationen zu den Wahlen auf Deutsch.

Sur notre site, vous trouverez ce texte et d'autres informations sur les élections en français.

On our site you will find this text and further information on the elections in English.

Em nosso site você encontrará este texto e mais informações sobre as eleições em português.

# ALEEDUNG

Wärend de leschte 6 Joer Är Equipe-DP Majoritéit goufe virun allem grouss an deier Projete lancéiert, woubäi déi meescht awer nach net realiséiert sinn. Och wa mer als Oppositioun leider net an d'Planung vun dëse Projete mat agebonne goufen (wéi d'ailleurs och vill Gemengekommissiounen) hu mer eng ganz Rei dovu matgedroen – wéi z. B. nei Schoul, Scoutschalet, Kierch zu Uespelt – well se néideg oder sënnvoll fir eis Gemeng sinn. Anerer – wéi z. B. Projet Crèche-Club Senior-sozial Wunnengen zu Uespelt, Waassertuerm Helleng, Uespelter Schlass an Annexen – hu mer net matgestëmmt, well se schlecht oder op der falscher Plaz geplangt waren.

Dës Politik vun Är Equipe an DP wäert den Handlungsspillraum vun eiser Gemeng an der nächster Period staark aschränken, well d'Realiséierung vun de Projeten eis Gemeng wäert staark verschëlden (de 5-Jores-Plang gesäit aktuell bis 2028 eng Verschëldung vun iwwer 80 Milliounen Euro viraus!). Eng gesond Finanzpolitik gesäit aneschters aus!

Gemengepolitik besteet zudeem net nëmmen aus Prestigeprojeten. A villen anere Beräicher sinn d'Gemengen hautdesdaags gefuerdert, sief et beim Ëmweltschutz, der Mobilitéit dem Urbanismus, der Digitaliséierung oder och nach dem Logement. Dobäi kënnt d'Zesummenaarbecht mat den nationalen Instanzen oder d'Abannung vun den Awunner an d'Entscheedungsprozesser. An all dëse Punkten ass déi lescht 6 Joer net vill geschitt!

Och goufe mir als Oppositioun déi lescht 6 Joer kaum mat agebonnen. An de Kommissiounen konnt z. B. all Kéiers just ee Member vun enger Oppositiounspartei dobäi sinn, sou dass mir net iwwerall vertruede waren. Eis Motioun fir eng Logements-Kommissioun ze schafe gouf zwar am November 2021 ugeholl, d'Ëmsetzung gouf awer ëmmer erëm an d'Längt gezunn, sou dass et se nach ëmmer net gëtt. Zumindest eis Motioun fir d'Schafe vun enger Accueil-Struktur fir d'Kanner aus dem Precoce gouf ugeholl a soll bis Ufank 2024 realiséiert sinn.

Als CSV triede mir a fir eng proaktiv a solidaresch Kommunalpolitik, no bei de Leit an hire Froen, Uleies a Suergen, a virun allem zesumme mat de Leit. Eise Walprogramm skizzéiert wéi mir eis d'Entwécklung vun eiser Gemeng an den nächste Jore virstellen. Eis Gemeng brauch op politeschem Plang e kompetent an dynamescht Team mat enger staarker an zukunftsorientéierter Visioun. Eis 11 Kandidate ginn dësen Ufuerderunge gerecht!



# INTRODUCTION

Au cours des 6 dernières années, la majorité Är Equipe-DP a principalement lancé de grands projets coûteux, dont la plupart ne sont pas encore réalisés. Bien qu'en tant qu'opposition nous n'ayons malheureusement pas été impliqués dans la planification de ces projets (comme d'ailleurs aussi de nombreuses commissions communales), nous avons soutenu un grand nombre d'entre eux - tels que la nouvelle école, le chalet des scouts, l'église d'Aspelt - car ils sont nécessaires ou utiles pour notre commune. D'autres - tels que le projet Crèche-Club Senior-logements sociaux à Aspelt, la tour d'eau de Hellange, le château d'Aspelt et ses annexes - nous n'avons pas voté pour eux, car ils étaient mal planifiés ou situés au mauvais endroit.

Cette politique d'Är Equipe et du DP limitera fortement la marge de manœuvre de notre commune lors de la prochaine période, car la réalisation des projets endettera fortement notre commune (le plan quinquennal prévoit actuellement un endettement de plus de 80 millions d'euros d'ici 2028 !). Une politique financière saine se présente différemment !

La politique communale ne consiste pas seulement en des projets prestigieux. Dans de nombreux autres domaines les communes sont aujourd'hui sollicitées, que ce soit en matière de protection de l'environnement, de mobilité, d'urbanisme, de numérisation ou encore de logement. Cela inclut la coopération avec les instances nationales ou l'implication des habitants dans les processus décisionnels. Dans tous ces domaines, peu a été accompli au cours des 6 dernières années !

De plus nous avons été peu impliqués en tant qu'opposition au cours des 6 dernières années. Dans les commissions, par exemple, seulement un seul membre d'un parti d'opposition ne pouvait être présent, de sorte que nous n'étions pas représentés partout. Notre motion pour créer une commission du logement a été adoptée en novembre 2021, mais sa mise en œuvre a été constamment retardée et elle n'existe toujours pas. Au moins notre motion pour créer une structure d'accueil pour les enfants du précoce a été adoptée et devrait être réalisée d'ici début 2024.

En tant que CSV, nous nous engageons pour une politique communale proactive et solidaire, proche des gens et de leurs questions, préoccupations et soucis, et surtout en collaboration avec les gens. Notre programme électoral décrit comment nous imaginons le développement de notre commune dans les années à venir. Notre commune a besoin sur le plan politique d'une équipe compétente et dynamique ayant une vision forte et orientée vers l'avenir. Nos 11 candidats répondent à ces exigences !

# SCHOUL

Den Enseignement zu Lëtzebuerg muss an engem ëmmer méi komplexen an dynameschen Ëmfeld funktionéieren. Duerch déi zouhuelend Méisproochegkeet vun eise jonke Matbierger sinn d'Inclusioun esou wéi eng Betreiung a klenge Gruppe wichteg Elementer.

Hei brauch een eng adaptéiert Infrastruktur mat gëeegentem Equipement wou d'Digitaliséierung e Schlësselelement ass. Dofir setze mir eis an dass:

- dat neit Schoulgebai esou séier ewéi méiglech realiséiert gëtt,
- all Kand an eiser Gemeng d'Méiglechkeet kritt, fir an de Precoce ze goen,
- d'Schoulpersonal an d'Eltere bei der inklusiver Aarbecht déi néideg Ënnerstëtzung kréien,
- d'Schoulbusbegleeder eng spezifesch Formatioun ugebuede kréien.

# KANNERBETREIUNG A MAISON RELAIS

Ons Gesellschaft huet sech an deene leschte Jore schnell verännert. Vill Eltere ginn zu zwee schaffen well se et aus finanzielle Grënn mussen oder et esou wëllen. Dowéinst mussen d'Kanner och adequat ausserhalb vun der Schoul kënne betreit ginn. Hei wier et an eisen Ae wichteg, dass:

- eis bestoend Gemengecrèche zu Helleng bäibehalen a renovéiert gëtt, wann déi nei Crèche zu Uespelt bis opgaangen ass,
- zu Fréiseng um Schoulcampus eng weider Crèche geplangt gëtt,
- all Kand, dat eng Plaz an der Maison Relais (Service d'Education et d'Accueil) brauch, och eng kritt,
- d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Maison Relais verbessert gëtt,
- d'Maison Relais déi néideg Mëttele kritt fir eng qualitativ gutt Hausaufgabenhëllef unzebidden (sou wéi den Educatiounsministère dat versprach huet).



# ÉCOLE

L'enseignement au Luxembourg doit fonctionner dans un environnement de plus en plus complexe et dynamique. En raison du multilinguisme croissant de nos jeunes citoyens, l'inclusion ainsi que la prise en charge en petits groupes sont des éléments importants.

Il faut une infrastructure adaptée avec un équipement approprié où la numérisation est un élément clé. C'est pourquoi nous nous engageons à :

- réaliser le nouveau bâtiment scolaire aussi rapidement que possible,
- donner à chaque enfant de notre commune la possibilité d'aller à l'école précoce,
- fournir au personnel scolaire et aux parents le soutien nécessaire pour le travail inclusif,
- offrir aux accompagnateurs de bus scolaires une formation spécifique.

# GARDE D'ENFANTS ET MAISON RELAIS

Notre société a rapidement changé ces dernières années. De nombreux parents travaillent tous les deux pour des raisons financières ou parce qu'ils le souhaitent. Par conséquent, les enfants doivent également être pris en charge de manière adéquate en dehors de l'école. À nos yeux il serait important que :

- notre crèche communale existante à Hellange soit conservée et rénovée une fois que la nouvelle crèche à Aspelt sera ouverte,
- une autre crèche soit planifiée sur le campus scolaire de Frisange,
- tous les enfants ayant besoin d'une place à la Maison Relais (Service d'Éducation et d'Accueil) en obtiennent une,
- la collaboration entre l'école et la Maison Relais soit améliorée,
- la Maison Relais reçoive les moyens nécessaires pour offrir une aide aux devoirs de qualité (comme promis par le ministère de l'Éducation).

## BENEVOLAT A VERÄINSLIEWEN

Eng Gemeng lieft duerch hir Veräiner an hir aktiv Memberen. Ouni den Asaz vu benevole Membere kann e liewegt Veräinsliewen net stattfannen, an ouni dat fënnt och kee gesellschaftlecht Liewen an de Gemengen statt. Fir eis Veräiner esou gutt et geet ze ënnerstëtzen, gesi mir vir:

- de Veräiner an eisen 3 Dierfer déi néideg Raimlechkeeten a Plazen zur Verfügung ze stellen, fir hir Versammlungen a Manifestatiounen ofzehalen,
- den Hellenger Centre Culturel ze renovéieren,
- d'Vergab vun de Sport- a Kulturinfrastrukture méi transparent an effizient ze gestalten an de Gemengeveräiner Prioritéit ze ginn,
- de Gemeinschaftsraum am neie Scouts-Home zu Fréiseng sämtleche Veräiner zur Verfügung ze stellen,
- en Online-Portal ze schafen, fir d'Gemengesäll direkt online kënnen ze reservéieren a fir ze gesi wat/wou reservéiert ass,
- de Veräiner méi logistesch Ënnerstëtzung bei hire Manifestatiounen zoukommen ze loossen (z. B. Spullwon, ëmweltfrëndlech Material, …)
- de Benevolat ze promouvéieren an d'Veräiner dobäi ze ënnerstëtze fir Memberen ze fannen, zemools bei de Jonken (z. B. duerch Informatiounsmaterial oder en „Dag vun de Veräiner", wou d'Veräiner an hir Aktivitéite virgestallt ginn).

## KULTUR

D'Kultur féiert Mënschen zesummen an ass e wesentleche Bestanddeel vun der sozialer Kohesioun. Si ass och e wichtegen Aspekt vum mënschleche Wuelbefannen. Dofir ass et ons wichteg fir:

- e Kulturbeoptragten ze engagéieren, deen, zesumme mat de Veräiner an der Kulturkommissioun, e Konzept an e Programm ausschafft, fir d'Uespelter Schlass zu engem richtege Kulturzentrum ze maachen,
- d'Schlass zu Uespelt fir de Public op ze maachen (z. B. fir Receptiounen), sou dass méiglechst vill Leit kënne vum Site profitéieren.



## BÉNÉVOLAT ET VIE ASSOCIATIVE

Une commune vit grâce à ses associations et ses membres actifs. Sans l'engagement des membres bénévoles, une vie associative animée ne peut avoir lieu, et sans cela, aucune vie sociale ne peut avoir lieu dans les communes. Pour soutenir nos associations du mieux que nous pouvons, nous prévoyons de :

- fournir aux associations dans nos 3 villages les espaces et les places nécessaires pour organiser leurs réunions et manifestations,
- rénover le Centre Culturel d'Hellange,
- rendre l'attribution des infrastructures sportives et culturelles plus transparente et efficace en donnant la priorité aux associations communales,
- mettre la salle communautaire du nouveau foyer des scouts à Frisange à la disposition de toutes les associations,
- créer un portail en ligne pour que les salles communales puissent être réservées directement en ligne et pour voir lesquelles sont déjà réservées,
- fournir plus de soutien logistique aux associations lors de leurs manifestations (par exemple : une remorque lave-vaisselle, du matériel écologique, …)
- promouvoir le bénévolat et aider les associations à trouver des membres, surtout parmi les jeunes (par exemple grâce à du matériel d'information ou une «Journée des Associations», où les associations présentent leurs activités).

## CULTURE

La culture rassemble les gens et est un élément essentiel de la cohésion sociale. C'est aussi un aspect important du bien-être humain. C'est pourquoi il est important pour nous de :

- engager un responsable culturel qui, en collaboration avec les associations et la commission culturelle, élabore un concept et un programme pour faire du château d'Aspelt un véritable centre culturel,
- ouvrir le château d'Aspelt au public (par exemple : pour des réceptions) afin que le plus grand nombre de personnes puissent profiter du site.

# SPORT

Grad ewéi d'Kultur ass de Sport eppes wat Mënschen zesumme bréngt an dat soziaalt Liewen an de Gemenge fërdert. Doriwwer eraus leescht d'sportlech Aktivitéit e wesentleche Bäitrag fir d'Gesondheet vun ons all. Dofir gesi mir vir:

- d'Sportinfrastrukturen auszebauen (z. B. Multi-Sportsterrain bei der Schoul, Beach-Volleyball-Terrain a Petanque-Pist),
- e syntheetesche Fussballterrain, deen den neisten Ufuerderungen entspréch, zu Uespelt ze amenagéieren,
- dat vum gemeinsam mat eisen Nopeschgemengen engagéierten Coordinateur sportif ausgeschaffte sportlecht Konzept, méiglechst séier ëmzesetzen,
- Mountainbike-Weeër duerch eis Gemeng unzeleeën a se u bestoend aner Weeër unzebannen.

# JUGEND

Ons Jugend huet ganz besonnesch ënnert de Restriktiounen vun de leschte Joere gelidden. Mir sinn ons bewosst, datt de Passage vun der onbeschwéierter Kandheet an d'Contraintë vum Erwuessenenalter net einfach sinn, an datt een deene jonke Leit muss en Espace ginn, an deem si kënnen hir Erfarunge maachen a sech dozou austauschen. Aus dem Gronn setze mir eis dofir an, dass:

- e Jugendhaus amenagéiert gëtt,
- e Jugendbeoptragten agestallt gëtt, dee sech ëm d'Betreiung vun der Jugend këmmert, sief et am Jugendhaus oder aktiv um Terrain,
- Initiativen ënnerholl gi fir déi jonk Generatiounen an d'Politik an an de Fonctionnement vun der Gemeng anzebannen.

# SENIOREN

Eeler Matbierger hu spezifesch Besoinen an Uleies. Si wëlle sou laang wéi méiglech an hirem vertrauten Environnement wunnen a liewe kënnen, sech fir anerer an der Gesellschaft engagéieren, sech weiderbilden, kulturellen a sportlechen Aktivitéiten nogoen. Dofir gesi mir vir, dass:

- de Proximitéitsservice bäibehalen a, bedéngt duerch déi grouss Nofro, ausgebaut an duerch z. B. Conciergerie-Servicer (Schousteraarbechten, Botzerei, …) ergänzt gëtt,
- e Projet fir eng CIPA Struktur fir betreit Wunnen an der Gemeng lancéiert gëtt,
- bei neie Lotissementer, ab enger bestëmmter Gréisst, Seniorewunnenge mat virgesi ginn,
- e Plan communal senior zesumme mat den eelere Matbierger ausgeschafft gëtt, an deem weider Bedierfnisser ermëttelt a konkret Mesure virgesi ginn.



# SPORT

Tout comme la culture, le sport est quelque chose qui rassemble les gens et favorise la vie sociale dans les communes. En outre, l'activité sportive contribue de manière significative à la santé de chacun. C'est pourquoi nous prévoyons de :

- développer les infrastructures sportives (par exemple : un terrain multisports près de l'école, un terrain de beach-volley et une piste de pétanque),
- aménager à Aspelt un terrain de football synthétique répondant aux dernières exigences,
- mettre en œuvre le plus rapidement possible le concept sportif élaboré par le coordinateur sportif engagé conjointement avec nos communes voisines,
- aménager des sentiers de VTT à travers notre commune et de les relier à d'autres sentiers existants.

# JEUNESSE

Notre jeunesse a particulièrement souffert des restrictions des dernières années. Nous sommes conscients que le passage de l'enfance insouciante aux contraintes de l'âge adulte n'est pas facile et qu'il faut donner aux jeunes un espace dans lequel ils peuvent faire et échanger leurs expériences. Pour cette raison, nous nous engageons à :

- aménager une maison des jeunes,
- embaucher un responsable jeunesse qui s'occupe de l'encadrement des jeunes, que ce soit dans la maison des jeunes ou activement sur le terrain,
- prendre des initiatives pour intégrer les jeunes générations dans la politique et dans le fonctionnement de la commune.

# SÉNIORS

Les personnes âgées ont des besoins et des intérêts spécifiques. Ils veulent pouvoir vivre dans leur environnement familier aussi longtemps que possible, s'engager pour les autres dans la société, continuer à apprendre, participer à des activités culturelles et sportives. C'est pourquoi nous prévoyons de :

- maintenir et d'étendre le service de proximité en raison de la forte demande, en l'enrichissant par exemple avec des services de conciergerie (travaux de cordonnerie, nettoyage, …),
- lancer un projet pour une structure CIPA de logement accompagné dans la commune,
- inclure des logements pour personnes âgées dans les nouveaux lotissements à partir d'une certaine taille,
- élaborer un plan communal senior ensemble avec les personnes âgées pour identifier d'autres besoins et prendre des mesures concrètes.

# SOZIAALT MATENEEN, INTEGRATIOUN AN INCLUSIOUN

Gemeng, dat bedeit fir ons och Gemeinschaft. Eng Gemeng ass lieweg, wann et e Mateneen a kee Niewenteneen ass. Integratioun an Inclusioun si fir ons prioritär Theme vu kommunalem Zesummeliewen. Mir wëllen e Kontext schafen, an deem kee Mënsch ausgeschloss ass oder vergiess gëtt a setzen eis dofir an, dass:

- d'Offer u Coursen fir Jonk an Al weider ausgebaut ginn (Schwammcoursen, Turncoursen, Kachcoursen, asw.)
- Nohëllefscoursen an de Beräicher vun der Digitaliséierung (z. B. Webbanking, Smartphone, ...) ugebuede ginn, fir virun allem de Senioren ze hëllefen, mat den neien Technologië Schrëtt ze halen,
- Initiative gestart gi fir eisen auslännesche Matbierger déi Lëtzebuerger Kultur an Traditioune méi no ze bréngen,
- e Plan communal handicap mat de Bierger ausgeschafft gëtt, wou d'Schwaachpunkten an eisen Uertschaften ausgemaach a Léisungen ausgeschafft ginn, fir se ze behiewen,
- den ëffentlechen Transport behënnertegerecht gestalt gëtt,
- d'Babysittercoursen erëm ofgehale ginn an d'Lëscht vun de Babysitter um Site vun der Gemeng reegelméisseg aktualiséiert gëtt,
- Gemengesubsiden an déi sozial Ënnerstëtzungen de reelle Besoinen ugepasst ginn an e soziale Verdeelungsschlëssel agefouert gëtt,
- Awunner, déi an der aktuell schwiereger Zäit op Hëllef ugewise sinn, en adequate Suivi vum Office Social kréien.

# PARTICIPATIOUN

An der haiteger Gesellschaft geet eng reng formal demokratesch Representatioun net méi duer. D'Leit wëllen net just all sechs Joer wiele goen, si wëlle gefrot a mat an Entscheedungsprozesser agebonne ginn. Dofir wëlle mir, dass:

- d'Bierger bei groussen a wichtege Projetë vun Ufank u mat agebonne ginn (z. B. duerch Biergerforen, ëffentlech Versammlungen, ...),
- eis consultativ Kommissiounen bei Dossieren a Projeten, déi hire Beräich betreffen, och ëm hiren Avis gefrot ginn,
- e participative Budget agefouert gëtt, wou Matbierger eege Projeten an Iddie kënnen erareechen, déi mat dem Budget duerno géife realiséiert ginn, nodeems se ugeholl goufen.



# SOCIALITÉ, INTÉGRATION ET INCLUSION

Le terme « Commune » signifie pour nous aussi communauté. Une commune est vivante lorsqu'il y a de la solidarité au lieu de l'individualisme. L'intégration et l'inclusion sont pour nous des thèmes prioritaires de la vie communale. Nous voulons créer un contexte dans lequel aucun être humain n'est exclu ou oublié et nous nous engageons pour que :

- l'offre de cours pour les jeunes et les personnes âgées soit élargie (cours de natation, de gymnastique, de cuisine, etc.)
- des cours d'aide dans les domaines de la numérisation (par exemple : banque en ligne, smartphone, …) soient proposés pour aider surtout les personnes âgées à suivre les nouvelles technologies,
- des initiatives soient lancées pour faire découvrir notre culture et nos traditions luxembourgeoises à nos concitoyens étrangers,
- un plan communal handicap soit élaboré avec les citoyens pour identifier les points faibles dans nos localités et trouver des solutions pour les résoudre,
- les transports publics soient adaptés aux personnes handicapées,
- les cours de baby-sitting soient à nouveau organisés et la liste des baby-sitters sur le site de la commune soit régulièrement mise à jour,
- les subventions communales et les aides sociales soient adaptées aux besoins réels et qu'un barème social soit introduit,
- les habitants qui ont besoin d'aide en ces temps difficiles reçoivent un suivi adéquat du bureau social.

# PARTICIPATION

Dans la société actuelle, une représentation démocratique strictement formelle ne suffit plus. Les gens ne veulent pas seulement aller voter tous les six ans, ils veulent être consultés et impliqués dans les processus décisionnels. C'est pourquoi nous voulons que :

- les citoyens soient impliqué
- s dès le début dans les grands projets importants (par exemple : par des forums citoyens, des assemblées publiques, …),
- nos commissions consultatives soient également consultées sur leur avis concernant les dossiers et projets qui touchent leur domaine,
- un budget participatif soit introduit où les citoyens peuvent soumettre leurs propres projets et idées qui seraient ensuite réalisés avec le budget si approuvés.

## LOGEMENT

D'Gemenge sinn ëmmer méi gefuerdert, wann et ëm bezuelbare Wunnraum geet. A wa si sonner Zweiwel eng wichteg Roll spille kënnen, besonnesch wann et ëm d'Mobiliséierung vu bebaubarem Land geet, sou däerfe mir net vergiessen, datt hir Moyene beschränkt sinn an datt d'Léisung um Terrain nëmmen aus dem Zesummespill vun allen Acteure ka kommen. Dowéinst gesi mer am Beräich vum Logement vir, dass:

- de Pacte Logement endlech richteg ugepaakt an eng Logements-Kommissioun op d'Been gestallt gëtt,
- all méiglech Ustrengungen ënnerholl ginn fir abordabele Wunnraum an eiser Gemeng ze schafen an Terrainen dofir opkaf ginn,
- e Kader geschaf gëtt fir Wunngemeinschaften, Méigeneratiounenhaiser oder Tiny Houses an eiser Gemeng ze erméiglechen.

## URBANISMUS

Fir d'Liewensqualitéit an onse Stied an Dierfer ze verbesseren ass et wichteg, datt mir den ëffentleche Raum esou gestalten, datt d'Mënschen sech do wuel fillen an sech gären do ophalen. Dofir setze mer eis an, dass:

- méi Spillplazen a méi modern Gemeinschaftsplaze (fir all Generatiounen an och fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit) an eisen 3 Dierfer geschaf ginn,
- Gemeinschaftsgäert a Muppewisen amenagéiert ginn,
- de Commerce de proximité (z. B. Epicerie, Epicerie op Rieder, Café, Popup-Store, asw.) an eiser Gemeng geférdert an ausgebaut gëtt,
- erëm eng Kiermes an eiser Gemeng organiséiert gëtt,
- e lokale Floumaart mat eise Veräiner an Awunner zesummen an d'Liewe geruff gëtt,
- e Maart mat lokalen a saisonale Produiten an der Gemeng organiséiert gëtt,
- d'Verkéiersinselen a Gemeinschaftsplaze propper gehalen a méi schéi gestalt ginn,
- eist Bautereglement op de Leescht geholl gëtt a gemeinsam mat de Bierger iwwerschafft gëtt.



## LOGEMENT

Les communes sont de plus en plus sollicitées lorsqu'il s'agit de logements abordables. Et si elles peuvent sans aucun doute jouer un rôle important, notamment en ce qui concerne la mobilisation des terrains constructibles, nous ne devons pas oublier que leurs moyens sont limités et que la solution sur le terrain ne peut venir que de la collaboration entre tous les acteurs. C'est pourquoi nous prévoyons dans le domaine du logement que :

- le Pacte Logement soit enfin pris en main sérieusement et qu'une commission du logement soit mise en place,
- tous les efforts possibles soient mis en place pour créer des logements abordables dans notre commune et acquérir des terrains à cet effet,
- un cadre soit créé pour permettre des communautés d'habitation, des maisons intergénérationnelles ou des Tiny Houses dans notre commune.

## URBANISME

Pour améliorer la qualité de vie dans nos villages, il est important que nous concevions l'espace public de manière que les gens s'y sentent bien et aiment y passer du temps. C'est pourquoi nous nous engageons à :

- créer davantage d'aires de jeux et des espaces communautaires modernes (pour toutes les générations et également pour les personnes à mobilité réduite) dans nos 3 villages,
- aménager des jardins communautaires et des prairies de jeux pour les chiens,
- promouvoir et développer le commerce de proximité (par exemple : épicerie, épicerie ambulante, café, magasin éphémère, etc.) dans notre commune,
- organiser à nouveau une kermesse dans notre commune,
- créer un marché aux puces local avec nos associations et nos habitants,
- organiser un marché de produits locaux et saisonniers dans la commune,
- maintenir les îlots de circulation et les espaces communautaires propres et plus joliment aménagés,
- revoir et adapter notre règlement d'urbanisme en collaboration avec les citoyens.

# MOBILITÉIT

D'Lag vun der Fréisenger Gemeng no un der Grenz zu Frankräich huet ouni Zweiwel am leschte Joerzéngt fir eng däitlech Zounam vum Trafic gesuergt. Fir eng positiv Entwécklung am Beräich vun der Mobilitéit ze erreeche geet eng Berouegung vum Trafic net duer. Et muss vill méi an eng attraktiv a sécher „Mobilité douce“ investéiert an den ëffentlechen Transport weider ausgebaut ginn. Eng Reduktioun vun de lokalen Emissiounen kann z. B. duerch eng Fërderung vu der Elektromobilitéit erreecht ginn. Fir eis ass et dofir onëmgänglech, dass:

- eng benotzerfrëndlech Vëlospist tëschent den 3 Uertschaften endlech Realitéit gëtt,
- nei Elektroborně fir d'Opluede vun Elektroautoe bei ëffentleche Gebaier a Plaze realiséiert ginn,
- den Duerfkär zu Uespelt an Helleng verkéiersberouegt gëtt, z. B. duerch e „Shared Space“,
- d'Schoulstrooss an den Hoenerwee zu Helleng erneiert a verkéiersberouegt ugeluecht ginn, idealerweis als Zone de rencontre,
- verkéiersberouegend Entréeën an eis Dierfer fir méi Sécherheet suergen,
- de Fuerpark vun der Gemeng weider op Elektromobilitéit ëmgestallt gëtt an domat endlech den nationalen Ufuerderungen nokënnt,
- de Service vum Frisibus mat Hëllef vun eisen Nopeschgemenge weider ausgebaut a verbessert gëtt (z. B. mat engem Online-Reservatiounssystem oder mat engem gratis Transport ë.a. fir Kanner a Jugendlecher),
- Ustrengungen ënnerholl gi, fir méi eng benotzerfrëndlech Taktung vum ëffentlechen Transport, mat ënner anerem enger besserer Ubannung vun Helleng mat der Stad,
- op all Arrêt e Bushaische mat enger elektronescher Informatiounsanzeig kënnt,
- d'Sécherheet vun de Foussgänger garantéiert gëtt, z. B. duerch en Ausbau vun der Unzuel u Foussgängerstráifen an duerch eng zäitgeméiss Beliichtung a Signaliséierung,
- de Réckbau vun der N13 weider geet fir esou eis 3 Uertschaften erëm e flotten Duerfcharakter ze ginn, an dem Foussgänger a Vëlosfuerer méi – a virun allem ee méi séchere – Raum ze bidden
- de Parking résidentiel iwwerduecht an e flächendeckend Konzept ausgeschafft gëtt, bei deem eis Matbierger Prioritéit beim ëffentleche Parkraum an der Gemeng kréien,
- de P&R Parking zu Fréiseng vergréissert gëtt.



# MOBILITÉ

La situation de la commune de Frisange près de la frontière française a sans aucun doute entraîné une augmentation significative du trafic au cours des dernières années. Pour obtenir un développement positif dans le domaine de la mobilité, il ne suffit pas de réduire le trafic. Il faut investir beaucoup plus dans une « mobilité douce » attrayante et sûre et continuer à développer les transports publics. Une réduction des émissions locales peut être atteinte, par exemple, en encourageant l'électromobilité. Pour nous, il est donc essentiel que :

- une piste cyclable conviviale entre les 3 localités devienne enfin une réalité,
- de nouvelles bornes électriques pour la recharge des voitures électriques soient installées près des bâtiments publics et des places,
- le centre-ville d'Aspelt et Hellange soit apaisé en termes de trafic, par exemple grâce à un « espace partagé »,
- la rue de l'école et le Hoenerwee à Hellange soient rénovés et aménagés pour apaiser le trafic, idéalement en tant que zone de rencontre,
- des entrées apaisantes dans nos villages pour plus de sécurité,
- le parc automobile de la commune soit davantage converti à l'électromobilité pour enfin répondre aux exigences nationales,
- le service du Frisibus soit développé et amélioré avec l'aide de nos communes voisines (par exemple avec un système de réservation en ligne ou un transport gratuit pour les enfants et les jeunes),
- des efforts soient faits pour obtenir une cadence plus fréquente des transports publics, notamment une meilleure liaison entre Hellange et la ville de Luxembourg,
- tous les arrêts soient équipés d'un abri de bus avec un affichage électronique d'information,
- la sécurité des piétons soit garantie, par exemple en augmentant le nombre de passages piétons et en utilisant un éclairage moderne et une signalisation,
- le démantèlement de la N13 se poursuive afin de redonner à nos 3 localités un beau caractère villageois et d'offrir aux piétons et aux cyclistes plus d'espace – et surtout un espace plus sûr,
- le stationnement résidentiel soit repensé et qu'un concept global soit élaboré, donnant la priorité à nos concitoyens pour l'espace public de stationnement dans la commune,
- le parking P&R à Frisange soit agrandi.

## NOHALTEGKEET

Eng nohalteg Liewensweis wéi och Natur- an Ëmweltschutz gewannen an eisem Alldag ëmmer méi u Bedeitung. Och dës Aspekter sinn eis wichteg, dofir gesi mir fir, dass:

- de Klimapakt an den Naturpakt endlech konsequent an zilorientéiert ëmgesat ginn,
- en „Ëmweltpräis“ agefouert gëtt, fir d’Awunner an d’Veräiner, déi eppes Besonnesches fir eis Ëmwelt geleescht hunn, ze belounen,
- Kreeslafwirtschaft bei neien Infrastrukturprojeten eng prioritär Roll spille soll an de Ressourcëverbrauch reduzéiert gëtt,
- d’Gemeng de Veräiner hëlleft, fir de Label „Green events“ fir hir Manifestatiounen ze erreechen an doduerch méi klimaneutral ze ginn.

## OFFALLVERMEIDUNG A RECYCLING

Reduce, reuse, recycle! Offallvermeidung, Kreeslafwirtschaft an zum Schluss soll de Recycling stoen. Dëst muss de Motto ginn vun der Gemeng am Beräich Offall. Dofir sti mir fir:

- den Ëmbau vum Recyclingcenter zu Helleng an e Ressourcen-Center,
- eng Analys vun den Ëffnungszäite vum Recyclingcenter fir se gegeebenefalls un déi aktuell Besoine vun der Populatioun unzepassen,
- d’Aféierung vun engem Second-Hand-Eck a vun der SuperDrecksKëscht am Recyclingcenter,
- d’Lancéiere vun engem Repair-Café, fir d‘Leit zum Theema Nohaltegkeet ze sensibiliséieren,
- d’Realiséierung vun enger Sensibiliséierungscampagne iwwert „Offallvermeidung, Recycling an Upcycling“.



## DURABILITÉ

Un mode de vie durable ainsi que la protection de la nature et de l’environnement gagnent de plus en plus d’importance dans notre vie quotidienne. Ces aspects sont également importants pour nous, c’est pourquoi nous prévoyons que :

- le pacte climatique et le pacte nature soient enfin mis en œuvre de manière cohérente et orientée vers les objectifs,
- un « prix environnemental » soit introduit pour récompenser les habitants et les associations qui ont accompli quelque chose de spécial pour notre environnement,
- l’économie circulaire joue un rôle prioritaire dans les nouveaux projets d’infrastructure et que la consommation de ressources soit réduite,
- la commune aide les associations à obtenir le label « Green events » pour leurs manifestations et à devenir ainsi plus neutres en termes de climat.

## PRÉVENTION DES DÉCHETS ET RECYCLAGE

Reduce, reuse, recycle (Réduire, réutiliser, recycler) ! La prévention des déchets, l’économie circulaire et enfin le recyclage doivent être la devise de la commune dans le domaine des déchets. C’est pourquoi nous sommes en faveur de :

- la transformation du centre de recyclage d’Hellange en un centre de ressources,
- une analyse des horaires d’ouverture du centre de recyclage afin d’éventuellement les adapter aux besoins actuels de la population,
- l’introduction d’un coin de seconde main et de la SuperDrecksKëscht au centre de recyclage,
- le lancement d’un Repair-Café pour sensibiliser les gens au thème de la durabilité,
- la réalisation d’une campagne de sensibilisation sur « la prévention des déchets, le recyclage et l’upcycling ».

## ENERGIE

Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi mat de Folge vum Klimawandel an der Energiekris konfrontéiert. D'CSV Fréiseng steet fir e responsabelen Ëmgang mat der Energie an de Ressourcen esouwéi den Ausbau vun erneierbaren Energien. Dofir setze mir eis a fir:

- erneierbar Energien als zentrale Facteur bei all neie Projet an der Gemeng,
- eng ambitiéis energeetesch Sanéierung vun de bestoende Gemengegebaier, wei z. B. der Hal zu Helleng an zu Uespelt oder nach der bestoender Schoul zu Fréiseng.
- d'Installatioun vu Photovoltaik-Anlage op sämtleche Gemengeninfrastrukturen, mat enger Biergerbedeelegung do wou et Sënn mécht,
- eng Analys vum Potential an der Realiséierbarkeet vu Wandmillen an eiser Gemeng,
- eng konsequent Ëmsetzung vun den Energiespuermoossname fir der Energiekris entgéint ze wierken a Suen ze spueren (z. B. andeems ëffentlech Gebaier an der Nuecht net méi beliicht ginn),
- eng zäitno Ëmstellung vun der kompletter Stroossebeliichtung op LED an d'Aféierung vun intelligente Beliichtungssystemer,
- d'Upassung vun de Gemengesubsidë fir Privatpersounen an de Beräicher energeetesch Sanéierung, erneierbar Energien, Mobilitéit, Vëloen, Haushalts-Apparater an Elektrobornen.

## GEMENGESERVICER

Eisen Alldag gëtt ëmmer méi stresseg, dofir wëlle mer – do wou et méiglech ass – déi administrativ Prozedure vereinfachen, fir dass de Bierger méi Zäit fir déi wichteg Momenter huet. Dofir gesi mir vir:

- souwuel fir den eenzele Bierger wéi och fir d'Veräiner sou vill wéi méiglech Demarchen an Demanden un d'Gemeng an digitaler Form méiglech ze maachen (z. B. Demandë vu Subsiden, Autorisatiounen oder Reservatioune vun de Säll),
- den Internet-Site www.frisange.lu an déi mobil App ze iwwerschaffen, mat enger méi iwwersiichtlecher a vereinfachter Gestaltung, wou een dat, wat ee sicht, méiglechst séier fënnt,
- déi kommunal Administratioun personell, materiell an organisatoresch sou opstellen, datt de Bierger kann op kompetent a reaktiv Servicer vertrauen.



## ÉNERGIE

Notre société est de plus en plus confrontée aux conséquences du changement climatique et à la crise énergétique. Le CSV Frisange est en faveur d'une gestion responsable de l'énergie et des ressources ainsi que du développement des énergies renouvelables. C'est pourquoi nous nous engageons pour :

- les énergies renouvelables comme facteur central dans tous les nouveaux projets dans la commune,
- une rénovation énergétique ambitieuse des bâtiments communaux existants, tels que le hall à Hellange et à Aspelt ou encore l'école existante à Frisange.
- l'installation de panneaux photovoltaïques sur toutes les infrastructures communales, avec une participation citoyenne là où cela a du sens,
- une analyse du potentiel et de la faisabilité des éoliennes dans notre commune,
- une mise en œuvre cohérente des mesures d'économie d'énergie pour faire face à la crise énergétique et économiser de l'argent (par exemple en ne plus éclairer les bâtiments publics la nuit),
- un passage en temps opportun à un éclairage public complet par LED et l'introduction de systèmes d'éclairage intelligents,
- l'adaptation des subventions communales pour les particuliers dans les domaines de la rénovation énergétique, des énergies renouvelables, de la mobilité, des vélos, des appareils ménagers et des bornes électriques.

## SERVICES COMMUNAUX

Notre quotidien devient de plus en plus stressant, c'est pourquoi nous souhaitons simplifier les procédures administratives autant que possible pour que les citoyens aient plus de temps pour les moments importants. Nous prévoyons donc de :

- permettre aux citoyens individuels ainsi qu'aux les associations d'introduire leurs démarches et demandes envers la commune (par exemple : demandes de subventions, autorisations ou réservations de salles) de façon digitale,
- reconcevoir le site internet www.frisange.lu et l'application mobile pour une présentation plus claire et simplifiée afin de trouver rapidement ce que l'on cherche,
- organiser l'administration communale sur le plan personnel, matériel et organisationnel de manière à ce que les citoyens puissent compter sur des services compétents et réactifs.

## SÉCHERHEET

D’Sécherheet ass ganz kloer en Theema wat d’Leit an de leschte Joren ëmmer méi beschäftegt. Hei ass virun allem d’Landespolitik gefrot, mee och op Gemengenniveau kann een do matwierken. Fir eis ass et dofir wichteg, dass:

- de CGDIS optimal vun der Gemeng ënnerstëtzt an déi national Virgab fir en zentrale „Centre d’intervention“ zesumme mat den Nopeschgemengen ëmgesat gëtt,
- den Austausch mat de Responsabele vun der Police intensivéiert gëtt, fir dass méi Patrullen an eiser Gemeng gefuer ginn,
- sensibel Plazen optimal beliicht a Video-iwwerwaacht ginn,
- Efforten ënnerholl gi fir e Centre médical respektiv e Gesondheetshaus an eiser Gemeng ze realiséieren,
- am Hibléck op déi ëmmer méi heefeg Periode vun Hëtzt e lokale „Plan canicule“ preparéiert gëtt.

## ECONOMIE A FINANZEN

Gesond Finanze waren ëmmer schonns d‘Basis, déi et engem erméiglecht, de Bierger déi néideg Déngschtleeschtungen unzebidden an d‘Liewensqualitéit ze verbesseren. Mir als CSV setzen eis dofir an, dass

- d‘Verschëldung vun der Gemeng op engem vertrietbare Niveau bleift, sou dass ee Spillraum huet fir kuerzfristeg oder urgent Depensë kënnen ze stemmen,
- souwuel déi ordinär Recettë gestäerkt a méi breet opgestallt ginn, wéi och déi ordinär Depensen „en bon père de famille“ geréiert ginn,
- d‘Iddi vun enger „Zone d‘activité économique et commerciale“ weider verfollegt gëtt fir z. B. Co-working-Spaces ze schafen,
- déi interkommunal Zesummenaarbecht bei Infrastrukturen, mee och bei techneschem Material (z. B. Maschinnen, Gefierer, asw.), weider ausgebaut gëtt,
- de kommunalen Energieverbrauch konsequent reduzéiert gëtt,
- Outsourcing do gemaach gëtt wou et sënnvoll ass a wierklech Käschte reduzéiert,
- all Joer am Budget e feste Montant ageplangt gëtt fir de Kaf vun Terrainen an eiser Gemeng.



## SÉCURITÉ

La sécurité est clairement un sujet qui préoccupe de plus en plus les gens ces dernières années. La politique nationale est principalement sollicitée ici, mais on peut également contribuer au niveau communal. Pour nous, il est donc important que :

- le CGDIS soit soutenu de manière optimale par la commune et que la directive nationale pour un « Centre d’intervention » central soit mise en œuvre conjointement avec les communes voisines,
- les échanges avec les responsables de la police soient intensifiés afin que davantage de patrouilles soient effectuées dans notre commune,
- les endroits sensibles soient éclairés et surveillés par des caméras vidéo de manière optimale,
- des efforts soient entrepris pour réaliser un centre médical ou une maison de santé dans notre commune,
- un plan canicule local soit préparé en vue des périodes de chaleur toujours plus intenses.

## ÉCONOMIE ET FINANCES

Des finances saines ont toujours été la base qui permet d’offrir aux citoyens les services nécessaires et d’améliorer la qualité de vie. En tant que CSV, nous nous engageons donc à :

- maintenir l’endettement de la commune à un niveau supportable afin d’avoir une marge de manœuvre pour voter des dépenses à court terme ou urgentes,
- renforcer et diversifier les recettes ordinaires tout en gérant les dépenses ordinaires en bon père de famille,
- poursuivre l’idée d’une zone d’activité économique et commerciale pour créer des espaces de co-working,
- développer davantage la coopération intercommunale en matière d’infrastructures mais aussi de matériel technique (par exemple : machines, véhicules, etc.),
- réduire systématiquement la consommation d’énergie communale,
- sous-traiter là où cela est judicieux et réduit réellement les coûts,
- prévoir chaque année dans le budget un montant fixe pour l’achat de terrains dans notre commune.

# MÉI NO.
# MÉI FRÉISENG.

## Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023



Jacques BARTHEL

**Jacques Barthel**

Helleng, 65 Joer, Bestuet, 3 Kanner a 4 Enkelkanner, Pensionéiert, Member vun der Finanzkommissioun Fréiseng, Tresorier vum Lions Club Mameranus, President vun der Sozialkommissioun vum Club, Éiere-Member vun der LFMA (Luxembourg Financial Markets Association)



Claude COURTOIS

**Claude Courtois**

Fréiseng, 49 Joer, Bestuet, 1 Kand, Informatiker am Finanzministère, Member vum Gemengerot Fréiseng, Member vun der Chancëgläichheetskommissioun,
Sekretär vun der CSV Sektioun Fréiseng, Comitésmember vun der APEF (Elterevereenegung Fréiseng)



Georges HOFFMANN

**Georges Hoffmann**

Uespelt, 39 Joer, Bestuet, 2 Kanner, Schoulmeeschter, Member vum Gemengerot Fréiseng, Member vun der Bauten- a Schoulkommissioun, President CSV Sektioun Fréiseng, Member vum CSV Nationalrot, Member vum CSV Südbezierkscomité



Marc JACOBY

**Marc Jacoby**

Fréiseng, 46 Joer, 2 Kanner, Ingénieur / Ëmweltberoder, Chef vum Service Écologique vun der Gemeng Käl/Téiteng,
Member vum Gemengerot Fréiseng, Vizepresident CSV Sektioun Fréiseng, Member vum Klimateam, Member vun der Ëmweltkommissioun Fréiseng



Karin KALMES
ép. THINNES

**Karin Kalmes épouse Thinnes**

Fréiseng, 62 Joer, Bestuet, 2 Kanner a 2 Enkelkanner, Pensionéiert, Fréier administrativ Persoun bei engem Veterinär, Mataarbechterin op der Réiser Gemeng



Géraldine KRIER

**Géraldine Krier**

Fréiseng, 43 Joer, Gepacst, 1 Kand, Léierin, Sekretär vum Schëfflenger Schoulcomité, Member a verschiddenen Aarbechtsgruppen an der Schoul, Member vum Projet „Sécher Schoul"



Karin MEYER

**Karin Meyer**

Uespelt, 61 Joer, Attachée à la direction a Conseillère an der Hotelschoul zu Dikrech, Conseil d'Administration Femmes en Détresse, Conseil d'Administration Arcus, Conseil d'Administration Fondatioun Fir ons Kanner, Trésorière vun der CSV Stad



Luc MEYER

**Luc Meyer**

Helleng, 42 Joer, Bestuet, an 2 Kanner, Professeur-Ingénieur an der Elektrotechnik, Member an der Sportskommissioun, President vum Dëschtennis Helleng



Othello PESCAROLO

**Othello Pescarolo**

Uespelt, 65 Joer, An enger Partnerschaft, Pensionéierten Employé vun der Spuerkeess, Tresorier CSV Sektioun Fréiseng,
Member an der Sportskommissioun Fréiseng,
Member an der Drëttaltterskommissioun Fréiseng



Pascale SCHUMAN
ép. DEGROTT

**Pascale Schuman épouse Degrott**

Fréiseng, 63 Joer, Bestuet, Onofhängeg Formatrice Generalsekretär vun InterFormation, Vizepräsidentin vun VC L'Endurance Leudelange



Michel
WEIMERSKIRCH

**Michel Weimerskirch**

Uespelt, 39 Joer, Bestuet, 2 Kanner, Web-Entwéckler, Digitaliséierungs-Expert, Grënner vu Spellchecker.lu, Member vun der Jugendkommissioun Gemeng Fréiseng

CSV
FRÉISENG

CSV

FRÉISENG

# AFTERWORK
# MEET OUR CANDIDATES

Kommt bis laanscht eis Kandidate kenne léieren. Si freeë sech mat Iech ze diskutéieren.

**MËTTWOCH DE 7. JUNI**
**AB 18 AUER**
**AM CENTRE POLYVALENT**
**ZU HELLENG.**

Venez rencontrer nos candidats. Ils se feront un plaisir de discuter avec vous.

**MERCREDI, LE 7 JUIN**
**À PARTIR DE 18 HEURES**
**AU CENTRE POLYVALENT**
**À HELLANGE.**

LËSCHT
4

## CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

CSV

| | | |
|---|---|---|
| BARTHEL Jacques | | |
| COURTOIS Claude | | |
| HOFFMANN Georges | | |
| JACOBY Marc | | |
| KALMES ÉP. THINNES Karin | | |
| KRIER Géraldine | | |
| MEYER Karin | | |
| MEYER Luc | | |
| PESCAROLO Othello | | |
| SCHUMAN ÉP. DEGROTT Pascale | | |
| WEIMERSKIRCH Michel | | |

WEB

FACEBOOK

freiseng.csv.lu
CSV Sektioun Fréiseng